N°4111
Entrée le 19.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 19. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„ Am Norde vum Land, tëschent Eeschwëller a Bruechtebaach, sinn an de leschten Deeg véier Källwer gerass ginn. D'Baueren aus dem Norde vum Land ginn dovunner aus, datt et sech hei ëm e Wollef handelt.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wuelwëssend, datt Lëtzebuerg zesumme mat sengen europäesche Partner 2025 de Schutzstatus vum Wollef adaptéiert huet, wéi eng Méiglechkeete ginn et, fir an dësem Kontext ze reagéieren?
- Ass dem Här Minister bekannt, ob et sech an deene verschiddene Fäll ëm de selwechte Wollef handelt?
- Falls jo, kann een hei vun engem „Problem Wollef“ ausgoen?
- Si fir esou Fäll Entschiedegunge fir d'Bauere virgesinn? “

Mat déiwem Respekt,

Luc EMERING
Deputéierten

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu